N°2512
Entrée le 29.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Gemeinsam Äntwert vum Här Sportsminister, Georges Mischo an der Madame Minister fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro n° 2512 vum 25. Juni 2025 vun den honorabelen Deputéierten Jeff Engelen an Dan Hardy**

1. **Kann d'Regierung preziséieren, ob d'Kompetenze vum LIHPS nach ëmmer besstinn? Wa jo, kann d'Regierung eis d'Zuel vun den Athletinnen uginn, déi den LIHPS bis elo consultéiert hunn?**

D'Kompetenz vum LIHPS am spezifesche Kontext vum Return-to-Sport no enger Gebuert besteet weiderhin a kann a voller Déift ëmgesat ginn. De LIHPS kann den Athletinnen no der Gebuert vun hirem Kand eng gezielt Begleedung ubidden, fir hinnen ze erméiglechen, ënner professionellen a multidisziplinäre Konditiounen, hire Wee zeréck an de Spëtzesport ze fannen.
Dëst geschitt an enker Zesummenaarbecht tëscht medezinesche Fachleit (Dokteren a spezialiséiert Kinesitherapeuten am Beräich vun der Périnéologie), Sportkinesitherapeuten, Biomechaniker, Sportwëssenschaftler, Ernierungsberoder, Sportpsychologen an dem sportlechen Ëmfeld vun der Athletin. Bis elo huet de LIHPS zwou Athletinnen no der Gebuert mat engem strukturéierte Return-to-Sport-Prozess betreit.

2. **Goufen dem LIHPS nei Kompetenzen bäigefüügt?**

D'Kompetenz vum LIHPS an der Begleedung vu Spëtzesportlerinnen no enger Schwangerschaft huet sech an de leschte Jore weiderentwéckelt. Nieft engem strukturéierte Return-to-Sport-Prozess stinn haut, duerch d'SportFabrik, verbesserte Méiglechkeeten am Testing zur Verfügung – besonnesch fir d'Evaluatioun vum physesche Fortschrëtt. Doriwwer eraus ënnerstëtzt déi héichmodern Infrastruktur am High Performance Training & Recovery Center (HPTRC) d'Trainingsreintegratioun a bitt gezielt Hëllef bei der Recuperatioun.

3. **Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir gläichberechtegt Chancen tëscht Athletinne mat Kanner an Athletinnen ouni Kanner op hirem Wee an den Elittesport ze garantéieren?**

Nierwt deene legalen Dispositiounen déi bestinn fir all Fraen ze ënnerstëtzen déi Mamm ginn an deenen ënner den Froen 1.an 2. opgefouert spezifesch Mesuren fir Athletinnen plangt Regierung aktuell keng weider Moossname. Et bleiwt ze erwähnen dass déi betreffend Instanzen un der Mise en place an der Definitioun vum Mandat vun enger Ethikkommissioun am Sport schaffen.

**4. Gëlle spezifesch Hëllefen (Kannerbetreiung, finanziell Ënnerstëtzung, flexibel Aarbechtszäiten) fir Elitteathletinnen virun, wärend an no der Schwangerschaft?**

De LIHPS verfüügt haut schonns iwwer Expertise am Beräich Dual Career, der Kombinatioun vu Leeschtungssport mat Schoul, Studium oder Beruff. Am Fall vun enger Schwangerschaft kann dës Begleedung och eng Ënnerstëtzung fir d'Athletin duerstellen, fir déi sportlech wéi och déi ausserhalb vum Sport leiend Aspekter vun hirem Liewe wärend an no däser Zäit optimal ze meeschteren. Zu dëse Kompetenze gehéieren ënner anerem Karriärplanung, Zäitmanagement an d'Begleedung wärend wichtegen Transitiounsphasen an der sportlecher Karriär. Op Wonsch kann dëse Service d'Athletin och beim Iwwergang an d'Liewen nom Héichleeschtungssport gezielt begleeden an ënnerstëtzen.

**5. Plangt d'Regierung am Hibléck op de Sponsoring vun Elitteathletinnen e Wee ze fannen, fir si duerch hir Entscheedung, Mamm ze ginn, virum Verloscht vun hire Sponsoren ze schützen?**

D'Regierung kann nëmmen bei hirer eegener finanzieller Ënnerstëtzung wéi zum Beispill am Kader vum "Nation branding" duerfir suergen dass den Elitteathletinnen keen finanziellen Schued entsteet duerch hir Entscheedung Mamm ze ginn.

**6. Wéi fërdert d'Regierung Athletinne mat Kanner a Kommunikatiounscampagnen a bei nationalen Sportsevenementer?**

Bei der Fërderung vum Sport huet den Dammesport eng grouss Prioritéit an dorënner falen natierlech och Athletinne mat Kanner. De Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit an de Sportsministère hunn iwwerdeems 2024 d'Campagne "Equality moves" lancéiert, fir de Kampf géint Stereotyppen am Sport. Op Grond vum grousse Succès vun dëser Campagne hunn béid Ministèren fir dësen Hierscht eng 2. Phas vun der Campagne virgesinn.

**Lëtzebuerg, den 24. Juli 2025**
De Sportsminister
(s.) Georges Mischo